LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
18 OCT. 2019

Luxembourg, le 16 octobre 2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des ministères impliqués à la question parlementaire n° 1254 posée par l'honorable Député Monsieur Sven Clement.

Jean Asselborn

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
18 OCT. 2019

**Réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n°1254 posée par l'honorable Député M. Sven Clement sur la question du standard de sécurité du passeport biométrique**

***1. Ass den Ausseministère a Kenntnis vun dësem Fuerschungsergebnis? Wa jo, zanter wéini an duerch wien?***

D'Uni Lëtzebuerg huet den Ausseministère virun der Publikatioun vun hirer Étude net informéiert, sou dass de Ministère eréischt no der Konferenz informéiert ginn ass.

***2. D'Fuerscher soen an der Pressematdeelung: The team of researchers shared their test results with ICAO in June 2019. They aiso outlined several approaches for restoring privacy protection, based on the assumption that the manufacturers of epassport readers must take responsibility for ensuring privacy protection of passport holders. Wéi eng Konsequenzen huet d'ICAO zanter dem Juni aus dëse Resultater gezunn?***

Den Ausseministère huet Kenntnis dovun, dass d'Resultater vum Fuerschungsergebnis mat der ICAO gedeelt gi sinn. D'ICAO ass awer eng onofhängeg Organisatioun an d'Fro zu eventuellen Konsequenzen déi d'Organisatioun doraus gezunn huet, kann deemno net vum Ausseministère beäntwert ginn.

***3. D'Identitéitskaarten zu Lëtzebuerg si jo och biometresch a beinhalten deelweis RFID Chips. Kann d'Madamm Inneministesch ausschléissen, datt déi selwecht Vulnerabilitéit och bei dëse besteet? Falls nee, wéi eng Pläng huet de Ministère fir dëse Problem ze behiewen?***

D'Identitéitskaarten zu Lëtzebuerg respektéieren déi selwecht technesch Normen vun der OACI wéi den biometresche Pass.

***4. Wéi eng Pläng huet den Ausseministère fir dëse Risiko fir Reesender mat lëtzebuergesche Päss ze limitéieren a kuerzfristeg z'eliminéieren?***

Et ass wichteg e puer Verdäitlechungen zu der sougenannter Vulnérabilitéit vun de Päss ze maachen:

En eventuelle Mëssbrauch vun der sougenannter Vulnérabilitéit erlaabt op kee Fall déi perséinlech biometresch Donnéeën aus de Päss auszeliesen. Sollt et probéiert ginn duerch eng Attack déi sougenannte Vulnérabilitéit auszenotzen, kéint just festgestallt ginn dass e Pass en Kontrollpunkt passéiert huet, ouni awer kënnen ze identifizéieren ween den Titulaire vun deem Pass ass. De Mëssbrauch vun der Vulnérabilitéit setzt viraus dass eng Rei vun techneschen an operationellen Viraussetzunge geschaf sinn. Sou misst z.B. d'Kommunikatioun tëscht dem Pass an dem Inspektiounssystem komprométtéiert kënnen ginn. All des Viraussetzungen kënnen an engem Laboratoire wesentlech méi einfach realiséiert ginn ewéi an der Realitéit um Terrain, wou ënner anerem, an de Sécherheets-zonen misst agedrongen ginn. Gläichzäiteg, missten héich technesch Équipementer an direkter Proximitéit zu legalen Inspektiounssystemer installéiert ginn fir dann ze versichen d'Kommunikatiounen ofzefänken, déi op ganz kuerzer Distanz a vu ganz kuerzer Dauer gemaach ginn.

Den Ausseministère ass duerfir der Meenung dass hei kee reelle Risiko fir Reesender besteet.

***5. Wéi positionnéiert sech d'Regierung zur Ausso vun de Fuerscher an der Pressematdeelung wou sie soen: In Europe, such a security breach likely violates requirements from the EU data protection framework. Governments have the responsibility to protect individual privacy and to ensure that official documents are bulletproof against such attacks.***

Den aktuelle lëtzebuerger Pass, deen zënter 2015 am Ëmlaf ass, entsprécht all den aktuellen Sécherheets-Standard'en a garantéiert d'Sécherheet vun de perséinlechen Donnéeën déi doranner gespäichert sinn.